# Commune de Junglinster

## Commission consultative de la santé, des affaires sociales et du bien-être

## Rapport de réunion du 22/01/2025

**Lieu de réunion :** Op Fréinen « An der Buvette »

**Début de la réunion :** 19h30

**Ordre du jour :**

1. Approbation du rapport de la dernière réunion
2. Timeline
3. Mag
4. Divers

### 1. Approbation vum Rapport vun der läschter Réunioun vum 22/01/25

De Rapport gouf unanime ugeholl.

### 2. Timeline GSK fir déi nächst 4 Joer:

Eng Timeline gëtt erstallt, fir datt sech d'Kommissioun en Iwwerbléck ka verschafen iwwert zukünfteg Projete fir déi nächst 4 Joer:

- Am Mäerz (23.3.25) hëllt d'Kommissioun um "Relais pour la vie" deel. Heizou gëtt eng Affiche an de Lenster MAG gesat, zesumme mat engem klengen Artikel iwwert d'Applikatioun Yuka, déi de Fabrice der Kommissioun virgestallt huet.
  →**Yuka**: Eng mobil App, déi Liewensmëttel an Kosmetik scannt a soumat en Iwwerbléck verschaaft, ob dës gesond sinn. Dëst gëtt vun engem Aarbechtsgrupp bestoend aus Linda, Michèle a Philippe ausgeschafft.

- **Youth and Work**: No intensiver Diskussioun an de leschte Réunioune gouf decidéiert, dëse gratis Service am Schäfferot virzestellen. Fabrice hëllt Kontakt mat der Madame Toepfer op.

- **Biergeréierunge**: Et gouf iwwerluecht, eng Initiativ ze schafen, fir Lënster Bierger fir besonnesch sozial Leeschtungen ze gratifizéieren. D'Kommissioun schafft weider un dësem Konzept.

- **Noperschaftsfester**: D'Kommissioun fënnt Kommunikatioun bannent den Noperen immens wichteg a wëll sech an Zukunft fir Noperschaftsfester asetzen. Dësst soll mat Flyeren an Informatiounscampagnen ënnerstëtzt ginn.
  →**Journée „Jonglënster seet Moien"**: Eng Initiativ géint d'Vereinsamung vun de Matbierger, mat Workshops an Informatiounsstänn, fir d'Leit ze motivéieren, méi mateneen ze schwätzen.

- **Sënneserfarung – Danzen als Schwaachsichtegen**: Eng Idee vun engem Member, inspiréiert vum Projet "Quand la danse brise les frontières et efface les différences" vum Fabienne Haustant. En Atelier mat (verbonnen Aen) gëtt ugebueden, fir de Fokus op d'Emotiounen ze setzen an eng nei Form vun Interaktioun z'entdecken.

- **Kachprojet Antigaspi**: D'Kommissioun fënnt dëst Thema interessant a wëll an Zukunft e Workshop an dësem Beräich organiséieren.

- **Avis – Poubelle Offalltaxen**: D'Kommissioun schafft un engem Avis zu de neien Offalltaxen, mat der Fro, wéi Mënschen, déi aus gesondheetleche Grënn méi Offall produzéieren, kënne besser ënnerstëtzt ginn.

Zu all Projet ginn an de nächste Reuniounen thematesch **Aarbechtsgruppen** erstallt. Iwwer den exakten **Oflaf a Zäitrahmen** gëtt nach diskutéiert.

### 3. MAG – Verëffentlechungen

De Sekretär huet op der Gemeng nogefrot, bis wéini een en Artikel oder eng Affiche fir de MAG eraschécke kann:

- Spéitstens den **1. vum Mount virun der Publikatioun**

→den 1. Februar fir Mäerz/Abrëll),

→1. Abrëll fir Mee/Juni,

→1.Juni fir Juli/August

→1.August fir September/Oktober

→1.Oktober fir November /Dezember

De MAG soll an Zukunft méi genotzt ginn, fir d'Kommissioun visibel ze halen an zu verschiddene Gesondheetsthemen Informatiounen ze verbreeden. Et gouf och diskutéiert, sozial Medien wéi Instagram oder Facebook anzebannen. Et muss nach gekläert ginn, ob dat iwwer d'Gemeng hir Netzwierker leeft oder ob eng eege Säit erstallt gëtt.

**4. Divers**

**Equisolidaire**: Een Member huet proposéiert, eng Visite bei Equisolidaire z'organiséieren.

**Neien Service fir Matbierger**: Een Member huet en Flyer vun engem Pilotprojet vun der Gemeng Betzder matbruecht, wou eng **Infirmière fir d'Matbierger zoustänneg** ass (besonnesch fir Lycéesschüler a Schoulen). D'Kommissioun fënnt dës Initiativ interessant a stellt sech d'Fro, ob sou e Service an Zukunft net kéint mam Office Social verknëppt ginn.

**WICHTEGES AM RESUME:**

**ZUKÜNFTEG REUNIOUNEN**:

18.02 (verluecht op 3.3.25), 18.03, 20.05, 17.06, 15.07, 30.09, 21.10, 18.11, 16.12.

**WIEN MECHT WAAT / Arbechtsgruppen:**

- **Fabrice** hëllt Kontakt mat der Madame Toepfer vun YOUTH AND WORK op an invitéiert sie an eng vun de nächsten GSK Réuniounen wou sie sech virstellen kann, fir dann am Uschloss sie an den Schäfferoot ze invitéiren.
- **Philippe** kuckt mat der Gemeng iwwert d'Méiglëchkeeten vun der Benotzung vun de sozialen Medien fir d'GSK an iwwert welche Wee dësst soll geschéien (Gemeng selwer oder eegen Initiativ).